FÉDUSE Enseignement CGFP

Fédération des Universitaires
au Service de l'État
Enseignement
CGFP-Administration
488, route de Longwy
L-1940 Luxembourg

# Harmoniséierung vun de CET Prozeduren an Deelzäitaarbecht

## *Notze vum Zäitspuerkont (CET)*

Zanter Oktober 2018 gëtt et an der Fonction publique den Zäitspuerkont (CET), dee sech och bei eis Proffe grousser Beléiftheet erfreet. Vill Enseignante spueren heirop hir Iwwerstonnen un, fir spéiderhin d'Méiglechkeet ze hunn, ee Joer virum eigentlechen Antrëtt an d'Pensioun schonn däerfe mat der Aarbecht opzehalen a wärend deem Joer nach eng voll Pai ze kréien. Dës Ufroe ginn och ouni gréisser Problemer vun den Direktiounen accordéiert, well deen doraus entstoende Personalbedarf direkt duerch de Rekrutement vun neien Enseignanten opgefaange gëtt.

**Allerdéngs gestalt sech d'Situatioun méi komplizéiert, wann et ëmt d'Demande fir eng temporär oder partiell Notzung vum CET wärend der Karriär geet**. Eng partiell Notzung bedeit, dass een Enseignant wärend engem ganze Schouljoer beispillsweis 10 Schoulstonne pro Woch vu sengem CET als Decharge "CONET" a seng Tâche integréiert kritt, fir méi Zäit fir säi Privatliewen ze hunn, ouni dobäi op seng Pai ze verzichten. An esou Fäll zécken d'Direktiounen dacks fir d'Ufro z'akzeptéieren, well si keen Ersatz fir dës Stonne kréien a verhënnere wëllen, dass déi aner Enseignanten aus deem Departement nach méi Iwwerstonne leeschte mussen.

Als Comité vun der FÉDUSE-CGFP stéiere mir eis awer zolidd dorun, dass d'Enseignanten net ëmmer onkomplizéiert op hir ugespuerten Zäit zréckgräife kënnen, well nämlech genee dat den eigentleche Sënn an Zweck vum Zäitspuerkont ass. **Et däerf een net vergiessen, dass déi ugespuerten Zäit gréisstendeels duerch Iwwerstonnen zustane komm ass, déi d'Enseignanten opgrond vu chroneschem Personalmangel onfräiwëlleg hu misste leeschten, fir de Schoulbetrib iwwerhaapt um Lafen ze halen!** An enger rezenter Entrevue mam Educatiounsministère hu mir verschidde villverspriechend Pisten diskutéiert, wéi een an Zukunft méiglechst villen Enseignanten d'Notze vun hirem Zäitspuerkont méi einfach erlabe kéint. Mir si virsichteg optimistesch, dass dat mëttelfristeg duerchaus gelénge kann.

Kloer festgehale gouf dann och, dass wärend dem Notzen vum CET **keng Iwwerstonnen** erlaabt sinn an den **ACT72** och **net proratiséiert** gëtt, ausser bei engem Congé CET vun enger kompletter Tâche. Op eise Wonsch hin ass dës Reegelung och scho formell an d'Instruction ministérielle zur Schoulorganisatioun agefloss: *„L'attribution de la décharge CONET n'a pas*

*d'impact sur le volume de la tâche de disponibilité ACT72, sauf en cas de congé épargne-temps complet, pour lequel la tâche de disponibilité n'est pas prise en compte."*

Fir eng komplett Année sabbatique, bei voller Tâche, brauch een Enseignant (ouni Altersdechargen) 22 x 36 = 792 Schoulstonnen op sengem Zäitspuerkont. Eng voll Tâche entsprécht deemno also exakt 22,00 Schoulstonne pro Woch, an net 21,50 respektiv 22,49. Zitt een déi 4 Altersdechargen, déi een ab 55 Joer ze gutt huet, nach of, esou kënnt een ënnert dem Stréch op **648 Stonnen**, déi **fir eng Année sabbatique** insgesamt néideg sinn.

## *Harmoniséierung vun de Prozedure ronderëm de CET*

Am Kader vun dëser Entrevue hate mir dann och gefuerdert, dass **déi gesamt Prozedur ronderëm d'Ufroe vun der Decharge CONET soll op nationalem Niveau formaliséiert an harmoniséiert ginn, mat kloer definéierten Deadlines, esouwuel fir den Agent ewéi och fir d'Direktioun**. Nëmmen esou kënnen d'Ënnerscheeder, déi et aktuell nach an der Ëmsetzung jee no Gebai an / oder Fach ginn, däitlech reduzéiert ginn. Dës Fuerderung gouf vum MENJE zréckbehalen an et gouf eis vun ieweschter Instanz verséchert, dass zäitno un enger Vereenheetlechung vun de Prozedure ronderëm de CET wäert geschafft ginn.

## *Iwwerstonne bei Deelzäitaarbecht*

E weidere Sujet bei dëser Entrevue waren d'Iwwerstonne bei partiellen Tâchen. Als Comité vun der FÉDUSE-CGFP si mir eis mat de Verantwortleche vum Educatiounsministère eens, dass **Iwwerstonne bei partieller Tâche prinzipiell absurd** sinn. Éischtens, well den Enseignant an deem Fall awer méi schaffe muss, wéi him mam Accord vu senger partieller Tâche offiziell schréftlech zougeséchert gouf, an zweetens, well **Iwwerstonne bei Deelzäitaarbecht zu grousse finanziellen Abousse féieren**, well Iwwerstonnen am Verglach zur regulärer Tâche méi schlecht bezuelt an net emol pensionnabel sinn.

Am Laf vun engem Schouljoer kann et awer duerchaus virkommen, dass een Enseignant an Deelzäit vu senger Direktioun gebiede gëtt, zousätzlech Schoulstonnen z'iwwerhuelen, beispillsweis opgrond vu krankheetsbedéngten Ausfäll oder Demissioune vu Stagiairen. Als Comité vun der FÉDUSE-CGFP hu mir an deem Kontext gefuerdert, dass **falls een Enseignant an Deelzäit am Laf vum Schouljoer fräiwëlleg zousätzlech Stonnen akzeptéiert, dës Méiaarbecht net méi, ewéi bis ewell, als Iwwerstonne verrechent gëtt, mee dass d'Tâche dee Moment temporär no uewen ugepasst gëtt** (z.B. vu 50 % op 75 %) **fir esou déi finanziell Verloschter z'evitéieren**. Och wa fir de Moment nach eng Rei technesch Modalitéite säitens dem MENJE ze kläre bleiwen, esou si mir eis an der Zilsetzung – nämlech, dass Iwwerstonne bei partiellen Tâche strikt ze vermeide sinn – prinzipiell eens.

## *Stonnepläng bei Deelzäitaarbecht*

Enseignanten, déi sech dozou entscheeden eng partiell Tâche unzefroen, beispillsweis fir méi Zäit fir d'Erzéiung vun hiren eegene Kanner ze hunn, huelen domat bewosst finanziell Aboussen a Kaf. Wärend vill Direktioune beim Opstelle vun de Stonnepläng grousse Wäert drop leeën, dass Enseignanten an Deelzäit net all Dag mussen an d'Schoul kommen, esou ass dat leider net an alle Gebaier uechtert d'Land de Fall. De Comité vun der FÉDUSE-CGFP ass der Meenung, dass et net däerf sinn, dass een Enseignant, dee beispillsweis Hallefzäit schafft, trotzdeem all Dag vereenzelt Schoul- a Surveillancestonnen imposéiert kritt, et sief dann, dëst wär säin ausdréckleche Wonsch. **Duerch eng dagdeeglech Presenzflicht an der Schoul gëtt eng partiell Tâche an deenen allermeeschte Fäll ad absurdum gefouert!**

Säitens deene Verantwortleche vum MENJE gouf eis an dësem Kontext zougeséchert, dass d'Direktiounen nach eng Kéier wäerten dozou encouragéiert ginn, beim Ausschaffe vun de Stonnepläng dem eigentleche Sënn an Zweck vun der Deelzäitaarbecht – nämlech manner Zäit an der Schoul ze verbréngen – verstäerkt Rechnung ze droen.

## *Bilateral Kommissioun fir Reklamatiounen*

**Zum Ofschloss sief nach drop higewisen, dass Dir Iech am Fall vun engem Konflikt mat Ärer Direktioun – sief dat wéinst Iwwerstonne bei partieller Tâche oder dem widderhuelte Refus vun enger raisonnabeler Demande fir Congé épargne-temps ze notzen – gäre kënnt als Member un eis wenden**.

De Comité vun der FÉDUSE-CGFP huet sech nämlech mat de verantwortleche Beamte vum Educatiounsministère dorop gëeenegt, **d'Reklamatioune vun eise Memberen an dëse Beräicher an Zukunft an enger bilateraler Kommissioun z'analyséieren an ze diskutéieren**, mam Zil eng méiglechst gerecht Léisung fir all Parteien ze fannen.

An dësem Kontext wëlle mir awer betounen, dass Dir am Fall vun engem Konflikt mat Ärer Direktioun fir d'alleréischt selwer versiche sollt, dësen am konstruktiven a sachlechen Dialog mat hir ze léisen. Falls d'Situatioun sech awer zouspëtzt an Dir iech an äre Rechter beschnidde gesitt, kënnt Dir Iech zu all Moment vertrauensvoll un eis wenden.

Mat beschte Gréiss,

De Comité vun der FÉDUSE-CGFP
*Lëtzebuerg, den 3. November 2024*